

Interview mam Victor Bodson: Déclaratioun vum Comité d'Action pour les États-Unis d'Europe (CLT, 26. Juni 1962)

Source: Europe/Actualités: Déclaration des Etats-Unis d'Europe / VICTOR BODSON, Nic Weber.- Luxembourg: CLT [Prod.], 26.06.1962. CLT-UFA, Luxembourg. - SON (04:16, Montage, Son original). CLT-UFA, 45, Boulevard Pierre Frieden, L-1543 Luxembourg.

Copyright: Transcription CVCE.EU by UNI.LU
Tous droits de reproduction, de communication au public, d'adaptation, de distribution ou de rediffusion, via Internet, un réseau interne ou tout autre moyen, strictement réservés pour tous pays.
Consultez l'avertissement juridique et les conditions d'utilisation du site.

URL:
http://www.cvce.eu/obj/interview_mam_victor_bodson_declaratioun_vum_comite_d_action_pour_les_etats_unis_d_europe_clt_26_juni_1962-lb-7f49a6fc-028a-4530-86d3-094a45636159.html

Date de dernière mise à jour: 13/04/2017



Interview mam Victor Bodson: Déclaratioun vum Comité d'Action pour les États-Unis d'Europe (CLT, 26. Juni 1962)

[Nic Weber] Här Bodson, wie sinn dann eigentlech d'Auteure vun der Déclaratioun?

[Victor Bodson] Déi Déclaratioun, déi ass gemaacht gi vum Comité d'action pour les États-Unis d'Europe, wou jo, wéi Dir wësst, den Här Monnet, deen zu Lëtzebuerg keen Onbekannten ass, de Präsident ass, an de Vizepräsident de Max Kohnstamm. Vu Lëtzebueger Säit zitieren ech se an der Reihenfolleg: d'Chrëschtlech-Sozial si vertrueden duerch den Här Nicolas Margue, ech selwer vertrieden d'Sozialistesche Partei, d'CGT vu Lëtzebuerg ass vertrueden duerch den Här Antoine Krier, de Buegermeeschter vun Esch, an d'Confédération luxembourgeoise des syndicats chrétiens ass vum Här Léon Wagner vertrueden.

[Nic Weber] A wat géift Dir als Haaptpunkte vun der Déclaratioun zitieren?

[Victor Bodson] Ech mengen, éier mir géingen dorop kommen, wëllt ech Iech grad soen, dass et haut ass, wou an deene sechs Haaptstied vum Marché commun an zu Genève déi Déclaration commune hei der Press matgedeelt gëtt. Déi Déclaration commune ass extrêmement wichteg, well si ass e Schrëtt en avant fir d'États-Unis d'Europe. Wa mir dann zur Déclaratioun kommen, da géing ech vläicht nom Text hei Iech dat hei zitieren:

« Le Comité d'action pour les États-Unis d'Europe qui comprend la très grande majorité des partis politiques de nos six pays ainsi que les syndicats libres et les syndicats chrétiens qui représentent dix millions de travailleurs considère que l'unité économique et politique de l'Europe comprenant l'Angleterre et l'établissement de relations de partenaires d'égal à égal entre l'Europe et les États-Unis permettent seuls de consolider l'Occident et de créer ainsi les conditions d'une paix entre l'Ouest et l'Est. »

Dat ass eng vun deene wichtegsten Déclaratiounen. Déi aner wäert Dir wahrscheinlech muer am Text liesen, mä ech wëll Iech der awer nach zwou weiderginn, déi ech als wichteg empfangen.

« Les partis politiques et les syndicats, membres du Comité d'action pour les États-Unis d'Europe, considèrent que les négociations pour l'entrée de l'Angleterre dans la Communauté européenne sur la même base que les Six, pour l'établissement d'un traité permettant un commencement d'union politique doivent être conclues rapidement. »

[Nic Weber] Dat ass jo eng kloer Stellungnam géint all nationalistesch Politik.

[Victor Bodson] Mir si jo eigentlech géint keen. Mir si fir d'États-Unis d'Europe, an dat versteet sech natierlech an deem Sënn, dass mir eben dat wëllen, wat onsen Zweck ass: les États-Unis d'Europe, économesch a politesch. Dat ass am Fong ons absolut a séier positiv Stellung.

[Nic Weber] An dat ass jo och Är gutt Recht.

[Victor Bodson] Ech mengen, jo. Mä Dir huet mech nach gefrot, wat ech als wichteg géing hei begräifen. Do ass de leschte Paragraph speziell ganz interessant, an dee seet:

« Cette relation de partenaires entre l'Europe et les États-Unis ne doit pas être seulement économique. Il est nécessaire qu'elle s'étende rapidement aux domaines militaire et politique. Ils affrontent des risques communs dont le principal résulte du conflit avec l'Est. Ce conflit entre l'Est et l'Ouest et notamment la question du désarmement ne peuvent être résolus sans un changement de la vue d'avenir des uns et des autres. Tant que l'Occident donnera l'impression qu'il peut être divisé, l'URSS ne sera pas portée à des accords croyant toujours pouvoir renverser l'équilibre mondial. Mais quand l'Amérique et l'Europe auront clairement fait comprendre à tous que l'Occident se transforme lui-même et non sous la pression extérieure, qu'il consolide son unité pour longtemps, alors les conditions seront réunies qui rendent possible un règlement pacifique durable entre l'Est et l'Ouest. »

[Nic Weber] Mat anere Wierder: de Westen a besonnesch Europa sollen endlech mol selwer d'Initiativ ergräifen a si net ëmmer deenen aneren iwwerloossen.

[Victor Bodson] Politesch sinn ech absolut vun deem Avis, dat entsprécht och mengem Temperament.

[Nic Weber] Merci bien.